Perkeo

D'Letzebuerger Studentenzeitung fir Freiheet, Gleichheet an Bridderlechkeet

Nummer 23 – Abrell 2010

The Empire strikes back – Max die Zweite . . .

. . . soss nach an deser Editioun:

- Neien Comité
- Aktiviteiten WS 09/10
- Heidelberger Bal
- Letzebuerger Land
- Toilettencheck
- Kinoseck
- Beis Zongen behaapten
- D'Forschette op den Kapp

Editorial

Leif Lieserinnen an Lieser,

No engem onendlech laangen Wanter ass et nees souweit, Terrassen sinn nees opgeriicht, Grillsaison gett angeweit an iwwer Heidelberg erstreckt sech nees eng fatal „Summervakanz-Atmosphär“. Fir all dei Leit wou d'Schwengsgripp iwwerlieft hunn an lo mei bewosst, ganz getrei dem Motto „Carpe diem“ liewen wellen, empfehlen mer en Spazeiergang iwwer d'Neckarwiese wou een dank der Asche Wollek en onvergiesslech romanteschen Sonnenennergang erliewen kann.

Den LSH fir sein Deel huet och nees ganz fleisseg un engem flotten Summerprogramm getüftelt. Nierft den traditionellen Aktiviteiten wei den Stammdesch, Thingstätte an Hellenbachhütte feiere mer dest Joer och den 10. Gebuertsdag vun eisem Cercle. Desweideren hunn mer virgesinn en Boule Tourneier souwei eng Visite op Schwetzingen an d'Welde Brauerei z'organiseieren. Dei genau Datumer fannt Daer wei gewinnt op der leschter Seit.

An deem Senn wenschen ech Ierch en gudden Start an d'Summersemester 2010, an ganz vill Spaaß bei der Lecture vun deser Ausgab.

Anne Tisleric

Mot du Président

Leiw Erstien an aal Huesen,

Alt erem steet en neit Semster virun der Dir!

Endlech musse mer nemmei ausschlofen Moies, endlech därfe mer rem schaffen an leieren! D'Wierder ass elo am Summer och vill ze gudd fir naicht ze machen an an der Sonn ze leien.

Well net jiddereen sou denkt, an och dei fleissegst Studenten heiansdo eng Paus brauchen, gett et den LSH. Och dest Semester hunn mer rem eng Reih Aktiviteiten geplangt, fir mat Kollegen eng schein Zeit z'erliewen. Ennert aanerem hunn mer eisen wöchentleche Stammdesch dee bei guddem Wierder am Marstall bei schlechtem am Reichsapfel stattfennt, maer huelen mat eiser Fussballsequipe um Unicup Deel an maer ginn an Welede Brauerei kucken wei anstennegen Beier gebraut gett.

Nierwt deenen Aktiviteiten hoffen mer awer, dat der net vergiesst, niewenbei nach ze studeiern, d'uniliewen besteet leider net nemmen aus Party machen och wann dat dei angenehmste Seit vum studium ass

Mer kennen eis op alle Fall op dat niet Semester freen. Ech wenschen ierch all en erfollegreicht, sonnegt, sozialt an scheint Semester

Fir den LSH Comité,
Max Pesch

Heidelberger Baal
@ Philo'Soff

Eng flott a bezuelbar Location an oder ëm d'Stad fir eise Bal ze fannen war d'Ausgangsmissioun. Ma no enger laanger an erfollëgloser Sich a laangem Hin an Hir hu mir de wäissen Fändel missten hiewen an eis eng Alternativ iwwerleen. Eechternoach huet eis dun net am Stach gelooss an esou hu mer Asyl am Philo fonnt.

D'Preaparatiounen vum Bal sin awer trotzdem net reiwungslos iwwer d'Bühn gaangen, well ons vu verschiddene Säiten kleng Steng wöi eng defekt Zapanlag an eng mësstrauesch Chefin an de Wee geluecht goufen. De Presi huet awer ganz Aarbecht geleescht andeems hien duerch säin gudd Verhältnis zum Nuno, dem Gérant, d Wogen geglättet an esou stoung dem Heidelberger Bal op Ouschtersamschdeg dun näischt méi am Wee.

Iwwer 100 Ticketen si mer am Virverkaf lass gin an hun souguer nach 77 Entréen an der Oweskeess kënnen verbuchen. Dass de Bal sou groussen Zoulaf hat ass awer net weider verwonnerlech, de Philo hat sech vu senger beschter Säit presentéiert. Dobannen a gewinnt gemütlecher Atmosphär huet de Mambo Schinki eise Gäscht d'iechternacher Kultur mat senger Uergel e Stëck méi no bruecht. Iwwerdeems hun d'Plan an d'Beliichtung am Haff, och wann et nach relativ kaal war, fir Fréijoersgefiller gesuergt, sou dass och déi Memberen, déi eng laang Reess aus dem héigen Norden oder dem déiwen

Süden op sech geholl haten, sech an der Ostmetropol wuelgefillt hun.

An eiser Bar gouf et Béier an "Heidelbeer"-Likör déi zu méi spéider Stonn zësummen als U-Booter groussen Uklang fonnt hun. De Spottpräiss vun dëser Kreatioun huet niewent dem strategeschen Fehler, a leschter Minutt nach e Faass opzemaachen, dozou gefouert, dass mer um Gedrënks leider kee Profit gemach hun. Dëst huet eis awer net allzevill ausgemach, ma mir wärten fir d'nächst Joer eng Léier draus zéihen.

Summa summarum war de Bal awer en finanziellen Erfollëg, net zulescht wéinst der gudder Cooperatioun vun (bal) all eise Comitésmemberen (siehe an der Rubrik: "Béis Zongen behapten" =). Mir hoffen et huet iech alleguer esou gudd gefall wéi ons, Prost.

France D. an Isabelle R.



Den neien Comité

(aus der Siicht vun den Comitaren)

Max Pesch,

Président

Germanistik an Anglsitik

8.Semester

• „Herr Präsi, weini ass dann lo die nekst Comitésversammelung“

… daat kreien mir schon iergendswei hin, keen Stress….

• ass fir den Comité den „Messi-ass“

• en stolzen Prési

• Och wann de Max heinsdo bessi verpeilt as, bewahrt en awa emmer e killen Kapp

• onorganiséierten Presi

• geile Brille !!!

Yann Gerges

Vize-Präsident

Anglistik an Politik

10.Semester

• the Gambler

• heinsdo schweier z'errechen, am Noutfall kann een awa op hien zielen

• seet waat en denkt, an daat net ze lues

• Heinsdo seet en Saachen wou een sech denkt: Mmh o.k., daat lossen mer lo mol sou stoen.

• idealen Bruf: Schnëssер

• …Herr Vizepräsident… dei Charge gefellt him an allen Hinsichten

• wann et dem Senioriteitsprinzip nogeet misst heen eisen Prési sinn . . .

Anne Tisleric

Secretärin an Perkeo

Politische Ökonomik

6. Semester

• First-Lady

• d´Härz vum LSH, ouni hat wieren mer schon längst am Chaos ennergangen

• Et gesait aus wei wann et kenger Meck eppes ze Leeds keint dun mee et huet et fauschtdeck hannert den Oueren

• Grün ist die Farbe der Hoffung! Neeee, w.e.g, daat ass dem Anne seng Farw an d'Hoffnung gett d'Anne och nii op, an iwerzeegt eis emmer rem mat sengem Optimismus ^^

Riccard, Pastis, Absinth, egal, sie liebt sie alle!

• weist heiandsdo méi spéit an der Mädelsronn säin wierklecht Ech ☺

• dei gudd Seil vum Comité

• die grüne Fee

Isabelle Raths

Trésorière

Germanistik an Philosophie

4.Semester

- verseisst eis den RTL Journal
- drenkt Cola-Wein an Fässer
- kennt deen neisten Beschass!
- suergt emmer dofir dass mer genuch Suen an der Kees hun an mir riskeiren mat him secher keng Finanzkrise
- huet zwou ganz ausgeprägten Charaktersaiten: Heinsdo ass et kleesber wei en Glieschen an aaner Deeg ass et vun naicht ze schocken
- D'Madame Finanzministerin huet alles gudd am greff ann suergt gewessenhaft dofir, daat next d'joer d'kees sou voll ass, daat d'LSH-Rees op New York geet
- d'Carla Columna vum Comité

Francoise Droulans

Eventmanagerin

Anglistik an Geschicht

8. Semester

- kee Steck Fleesch
- Partymaus
- leider Holland Fan
- iwwerbesuergt Eventplanerin
- Och wann et heinsdo eng kleng Panikattaque huet(cf. HD-Baal), huet et awa trotzdem emmer alles super organiseiert
- Ass emer drun beduert dass d' Leit all zefridden sin ann daat ass en ganz gudden Charakterzuch vun him
- dreemt vun enger Kaffeesmachine

Arnaud Hoffmann

Eventmanager

Geologie

6.Semester

- Gourmand an Gourmet
- Kennen ech net . . . nie do!
- Bauchnabeltänzer ☺
- Hien as eisen Eventmanager : "Waat musse een do scho mei maan ? ajo, feieren, feieren…"
- eisen Expert wann et em Schnitzelen geet ☺
- iwwerleet net laang, schwetzt einfach mol
- ass zimmlech frou mat sengem Nuebel
- huet en privaten Chauffeur
- den Charmeur
- huet eng gudd Forschette

Jessica Kreins

Déléguée ACEL

Germanistik an Romanistik

10. Semester

• Lästerschwester

• Wann d'Jessica an den Raum kennt dann blenkt et

• Weinkinnigin ☺

• mescht dem Anne de Posten vun Sekretärin geschwenn streideg ☺

• kennt sech an allen Bereicher aus dem Cercle-Liewen aus

• wann hat op d'Toilette geet kennt d'Iessen

• en echten Minettsdapp

Lynn Wagner

Relations Intercercles

Germanistik an Romanistik

10. Semester

• emmer dobei wann gefeiert gett

• schleift op den After-Partien an

• Megafuuss

• iwwert mech selwer, well ech lo leiwer naischt schreiwen ☺

• seet emmer kloer seng Meenung an et kann een et kaum iwwerheieren

• och nie em en Läster-Säitenhieb verleen

• „Oh den Erasmus ass scho riwer…" „merde war daat seier gangen"

• geile Frisur

Matteo Amodio

Sportsminister

Philosophie an Geschicht

5.Semester

• deen eenzegen Sportsminister deen mei oft mat Kretschen duerch d'Geigend hippt wei ouni

• huet d'arroganz vum Ronaldo an d'Ausgesinn vum Özil

• Mhh weem sein Boxershort ass daat…. "Max ….."

• ouni heen hätte mer definitiv manner ze laachen

• emmer plakesch wann et schellt

• steet op reif Fraen

• huet sech extra Sensodyne kaaf fir den Glühwein ouni Zännwei geneissen ze kennen

• „Die Leiden des jungen Matteo" . . .

Bienvenue WS 2009/2010



Kreschtiessen

Och dest Joer as et rem sou weit gewierscht, de Kleeschen huet de weiten Wee bis op Heidelberg an d´Essighaus fonnt. Ugeflunn koum en mat sengem First-Class Renault Espace Schlitt (selbstverständlech am absoluten Halteverbot (net um Véloswee) firum Jil sengem Haus geparkt), mat sengen 3 Engelcher an mat engem deck gefelltenen Saack voller Wichtelgeschenker. Wou dunn och deen leschten dee Wee bis an d´Essighaus fonnt haat, konnt et lass goen mam Schnitzel / Spätzele iessen. Dunn war et Zeit fir ze wichtelen (fir all dei wou net wessen, wat wichtelen as,

einfach op Wikipedia nokucken oder dem Anne eng E-Mail schreiwen)

Mei oder manner hun d´Leit sech freiwelleg op dem Kleeschen sein Schouss gesaat, an hun sech een Kado gezunn mat deem se mei oder manner zefridden waren. Deen een huet sech eppes gezunn wou en makaberweis seng Buud kann offackelen, dei aaner kennen eng spirituell Räucherstäbchen Rees maan oder aanerer kennen den Schwengercher beim Paarungsritual nokucken. Mee och fir de Kleeschen

war et net ze einfach mat engem ze enken Kostüm an engem Baart deen mei am Mond hung wei um Kenn. Erleist vun senger Charge sin mer dunn weidergezunn an d´Untere Straße wou mer den Owend mat dem een oder aaneren Melonenschnaps ausklengen geloss hun.

Jessica K. an Lynn W.

Tournoi de Noël 09

Och wann mer net esou erfollegreich waren wei d'lecht Joer, war den LSH awer rem mat vun der Partie . . .



Single Bells

Op engem kaalen Wantermoien, et war den 19. Dezember, hun sech e puer wacker Comités-memberen an der Unteren Straße afonnt, fir mat déckem Kapp d'Spuere vun engem harden Owend ze beseitegen.

Waat war geschitt?

Et war den Moien no der traditioneller Single-Bells. Dëst Joer war dës an der Sibley-Bar vum Studentenwohnheim vis-à-vis vum Hörnchen.

Schon Nomëttes hat den onerwartenen Schnéistuerm den denkwürdegen Owend ugekënnegt.

10 cm Neischnéi hun eis trei Memberen awer net dofun ofgehalen, a grousser Zuel dësem Event bäizewunnen. Wéi all Joer gouf et gratis Glühwäin deen d'Stëmmung zum Kachen bruecht huet. Den Ben huet fir déi néideg musikalesch Ënnermoolung vun dësem schéinen Owend gesuergt.

Net nëmmen Heidelberger waren present, mee och Karlsruher an aner Frënn vum LSH haten sech d'Éier gin. Erfierzehiewen sief hei déi spontan Visite vum Eric, deen als Member vun der 1. Stonn gehandelt gët.

Vill gedanzt gouf net onbedengt, mee de Béier ass am Sekonnentakt iwwert Théik gaangen, waat bestëmmt och um sozialen Präiss vun 1 Euro luch.

E puer Skandaler sin wéi üblech net ausbliwwen.

Och wann dëst Joer keng Toilett zu Broch gaangen ass, gouf awer eng monumental Männerfrëndschaft baal laidéiert. E Sträit zwëschent eisen

Häre Presi an Sportsminister ass et, deen eis besonnesch am Gedächtnis bliwwen ass. D'Grënn waren wuel éischter alkoholescher wéi faktescher Natur, waat zwar näischt um Ausmoos vun der Tragödie geännert huet, wuel awer un der Reconciliatioun vu béide Parteien um Dag dono.

Trotz dëser Escapad zéihen mir e positivt Fazit: e besënnlechen Owend an der Adeventszäit, wou jiddereen op seng Käschten komm ass.

France D. an Isabelle R.

Heidelberger Toilettenguide

Für Kleine Jungs/Mädchen in einer Wohlfühloase?

Tangente: Wasser lossen wei an engem Videoclip vum Jason Mraz =) an der Tangente gett dat der männlecher Clientele gestattet. D´ Toilette as "relativ" propper an tatsächlech gin et net dei üblech langweileg Pissoiren, mais et dierf een sech erliechteren an gleichzeiteg mat engem Wasserfall verschmelzen, den schein en scene gesaat as an Form vun engem Fiels !! Dat Highlight brengt der Tangente-Toilette ganzer :):):):) ½ Smilyen vu 5 !! an domat o bei weitem die bescht Note :) an o den Gewenner.

Mohr: Och wann beis Zongen behaapten dat dest dem Presi an dem Sportminister hiert Lieblingslokal ass, gett d´ Toilettensituatioun awer trotzdem objektiv bewert! Leider kann d´ Toilett hei net mam frendlechen Personal an den berüchtegten, verruchten Soireen mathaalen, dofier : Ohne Worte !!! Ironescherweis gett öfters mol den selweschten Pissoire benotzt fir eng kleng Notdurft no engem ausgiebegen "Saufowend", wat Atmosphere net onbedengt mei prickelnd mecht, opwuel mei berauschend. Dementspriechend kritt Stammlokal vum Presi an vum Sportsminister just :) :) ½ Smiley !

Cave: Am Cave as den Numm Programm an dat och vir Toiletten! Rustikal as wuel dat Wuert wat am eischten hei zoutrefft! Wann een mol eng kleng Notdurft hei verrichten well sollt een o am beschten Fall net iwwert 1,85 sin, well soss muss een seche

becken fir ranzegoen! Alles an allem sin Toiletten opwuel net besonneg aluedend awer relativ propper, dofier kritt den Cave ganzer :):):) Smilyen!

Sahara (Resto): *Stullgang wei en Scheich =)* ! an engem extoeschen Ambiente gett een bis bei d´ Toiletten geleet! Palmen an warm Farwen gin engem d´Gefill an Dubai ze sin oder besser nach, an wuel mei passend ze Beirut ! Toilette u sech as o ganz ok an propper mais leider net sou flott wei den Wee bis dohin, dofier gin et heifier just :) :) :) :) vu 5 meiglechen Smilyen!!

Irish Pub- Dubliner : Un sech as o hierem Deppen net vill auszesetzen; wier den Wee bis dohin net emmer 3 mol mei gefeierlech bei Mariokart, et soll halt mol virkommen dat een um 1 Auer mettes en Hindernis Parcours muss hannert sech lossen an beispillsweis eng Katzspuer op der Traap emgoen muss, wann een allerdengs bis um Ziel as kann een sech awer berouegt ouni Skrupel neierlossen, dofier bewerten ech den "Dubliner" mat :) :) :) vun meiglechen 5 Smilyen.

Lo wesst der Bescheed wou der eech die next Keier zur Rouh setzt :) !

Matteo A.

Beis Zongen Behaapten . . .

… dass den Matteo am Max sengem Boxershort ronderem leeft an op rosa Handyen an rosa Playboy Handiicher steet

… dass de Yann als schwulen Cowboy verkleed gewierscht wier

… dass de Max gären vun sengem Noper raseiert well gin

… dass d´Anne mat engem gewessenen Herr Pastis friem geet

… dass am Romanischen Seminar Bibliotheik just nach bis 17auer op huet

… dass d´Lynn an Jessica geschwenn mam Velo op den Stammdesch fueren

… dass den Arnaud excuseiert net um Heidelberger Baal an Comitésversammlung gewierscht wier

… dass Hip Hopper vum freud'schen Trauma betraff sin

… dass d´Lynn LSH-Weltherrschaft un sech reissen well

… dass d´Isabelle sech emmer ganz vill ugesprach fillt

… dass d´France, d´Isabelle, d´Anne, d´Jessica an d´Lynn sech fir den Heidelberger – Semi - Marathon ugemellt hun

… dass den Ivan an d´Anne en temoprären neien Untermieter hun

… dass de Yann neien Auslandskorrespondent fir den ISERP as

… dass de Yann nach emmer net namentlech hei genannt well gin

… dass de weltberühmten Schreftsteller Franz Kafka rem zu Heidelberg resideiert

… dass Rohrbach Markt dei nei Aalstaat get

… dass d´Jessica net op de Kapp gefall as, mee op den Knei

… dass Autofueren deier kann gin zu Heidelberg

… dass et Leit gin dei fannen dass de Marstall ze deier as an dofir an Triplex Mensa egalwaat fir 2,05 Euro iessen gin

… dass e neien Moonligner an der Woch um 1 auer fiert

… dass Ford Jessica als nei Testfahrerin rekruteiert huet

… dass de Matteo dem Elisa nach e Kuss schellegt

… dass de Gilles e neien Taxiservice zu Heidelberg opgemach huet

… ween eng keier Member am LSH as, as et liewenslänglech

…dass een an Baden-Würtemberg ab 22 Auer keen Alk mei kritt

… dass de VRN/RNV seng Tram/Bus Pläng geännert huet

… dass d'Lynn Dauwen faert

… dass den LSH 10 Joer aal gett

… dass den Winti doweinst eng gellen Auer kritt!!!

Kinoseck



Well grad sein rezentest Wierk an den letzebuergeschen Kinoen leeft widmet d'Perkeo Kinoredaktioun dess Keier sein Kinoseck dem exzentreschen US-Regisseur Jim Jarmusch. Desen gouf 1953 zu Cuyahoga Falls als Jong vun böhmesch-deitsch-ireschen Elteren gebuer. Fir heinansdo e bessen Rou firum klengen Jong ze kreien, huet seng Mamm hien nomettes an de Kino gescheckt, wou den Jarmusch sech schnell fir B-Filmer begeschteren konnt. Mat 14 Joer huet hien ugefangen sech fir Geigenkultur aus den 60er Joeren ze interesseieren an huet sech mat gefälschtem Pass an de Kino geschleisst, fir sech Filmer vum Andy Warhol an vum Robert Downey unzekucken. Zudem huet hien sech mei an mei fir d'Literatur intessseiert an huet och selwer e puer Wierker veröffentlecht. Mat 19 huet hien dann op der Columbia University zu New

York englesch an amerikanesch Literatur studeiert. Während sengem Studium huet hien 10 Meint zu Pareis gewunnt an huet sech an d'Kulturszene vun der franzeischer Haptstadt verleift. Nom Studium huet hien dun op der bekannter Tisch School of the Arts Filmkonscht studeiert. Hei ass hien och mat der Post-Punk-Szene an Kontakt komm an hien wuar demols Keyboarder an Sänger vun der Grupp Del-Byzanteens.

Sein Oofschloss Film ass och zugleich sein eischten groussen Erfolleg. Den *Permanent Vacation* (1980), deen d'Geschicht vum 16 Joer aalen Allie erzielt, kruut um internationalen Filmfestival vun Mannheim-Heidelberg den Josef von Sternberg-Preis. Nodeems hien an e puer Filmer vum Wim Wenders matgespillt hat, huet hien 1984 den *Stranger than Paradise* gedreint. Desen, mat der gellener Palme ausgezeechneten Film, erzielt op eng roueg an absurd Art an Weis Geschichten vum selbsternannten „Hipsters" Willie aus New York City, senger ungarescher Cousine Eva an dem Willies sein Frend Eddie. An desem Film erkennt een schon dei typesch Jarmusch Markenzeeschen, wei zum Beispiel den extrem luesen Erzielrhythmus. Och deen gewollten grotesken Musekasatz an Totalperspektiv gin zu sengem Kennzeechen.

Mam *Down by Law* (1986) ass et dem Jarmusch gegleckt och ausserhalb vun der Independentszene bekannt ze gin. Des märchenhaft schwarz-weiss Komödie iwwerzeegt besonneg weinst sengem skurrilen Humor, der präziser Charakterduerstellung, dem Roberto Benigni sengem Gelabers an der perfekter Kamerafeierung.

Den *Night on Earth* (1991) ass en Episodenfilm, an deem Geschicht vun fennef Persounen erzielt gett. Des gescheihen an fennef verschidden Stied an der gleicher Nuecht an zur selweschter Zeit. D'Stied sin Los Angeles, New York, Pareis, Roum an Helsinki. Dei fennef Episoden goufen an der jeweileger Landessproch gedreint. Dobei greift den Taxichauffeur an d'Schicksal vun sengen Fahrgäscht an, währendem sie d'Schicksal vum Chauffeur beanflossen.

Sein nächsten Film, den *Dead Man*, aus dem Joer 1995 ass en schwarz-

weiss gedreinten Western. Den Film erzielt d'Story vum den leschten Deeg aus dem William Blake sengem Liewen. An den Haaptrollen geseit een den Johnny Depp, den Robert Mitchum (et wuar sein leschten Film) an den Gary Farmer. Mam *Ghost Dog: The Way of the Samurai* (1999) ass et dem Jarmusch gelongen och am Bereich vum Actionfilm Fouss ze fassen. Den mysterieisen afroamerikaneschen Optragskiller, gespillt vum Forest Whitaker, schafft fir d'Mafia. Dobei follegt hien awer ganz präzis dem aalen Kodex vun den Samurai.

Den *Coffee an Cigarettes* (2003) ass nees en klasseschen Jarmusch Episodenfilm. Eng Reih vun Persounen feieren bei Kaffe an Zigarett absurd an skurill Smalltalks. Ennert anerem spillen an desem Film den Roberto Benigni, den Tom Waits, den Steve Buscemi, d' Cate Blanchett, den Alfred Molina, den Steve Coogan an den Bill Murray mat.

Den Broken Folwers aus dem Joer 2005 mam Bill Murray, Sharon Stone an dem Tilda Swinton an den Haptrollen ass secher dem Jarmusch sein zougänglechsten Film. Den Don Johnston get grad vun senger vill mei jonker Frendin verloss an get kurz drop vun engem rosaen Breif opmirksam gemach, dat sein 19 joer aalen Jong, deen hien net kennt, sech op sicht vun him mescht.

Dem Jarmusch sein leschten Film, deen grad am Utopia bzw. zu Belval (e bessen Lokalpatriotismus muss sinn) leeft, dreit den Titel *Limits of Control*. Heibei handelt et sech em en Thriller an dem en Mann, deen recht weineg schwätzt, op eng Rees duerch Spuenien gescheckt gett. Ennerwee begeint hien eng ganzer Rei komescher Persounen (z.B. dem platinblonden Tilda Swinton oder engem nakeschen pin-up girl). Seng Rees feiert hien op en heigbewachtent Unwiesen, dat vun engem skrupellosen Amerikaner (gespillt vum Bill Murry) kontrolleiert gett.

Klengen Tipp: De Gros vun desen Filmer sin an enger exzellenter an preiswärter DVD Box (47,99 €) erhältlech.

Ivan R.

D`Forschette op de Kapp

Haart awer fair

Herrenmühle

Wou? Den Restaurant befennt sech tescht dem germanisteschen Seminar an dem Karlstor. Dei genau Adresse: Hauptstrasse Nr. 237.

Wat? Klengen romateschen Restaurant am Landhausstil

Iessen? Feine Landhausküche

Gedrenks? Gudden deitschen Wein

Preisser? E bessen mei deier wei Restauranten em den Marktplatz

Qualiteit? Fresch Produkter gin perfekt zoubereed

Service? Dat aalt Ehepaar schmeisst den Betrieb

Markenzeechen? Ennen setzt een mei schein wei uewen

Herrenmühle:

Maroc Délices

Wou? Hannert dem Bauhaus an der Landhausstrasse

Wat? Marokkaneschen Restaurant

Iessen? Marokkanesch Spezialiteiten, z.B. Tajine, Couscous an extrem seisst marokkanescht Feingebäck

Gedrenks? Un sech get et keen Alkohol, me op Nofroo kritt een franzeischen Wein

Preisser? Ganz ok. Mettes kritt een en bellegen Dagesmenu

Qualiteit? Lääcker! (sou geif den Lafer soen)

Service? E bessen chaotesch

Markenzeechen? Stemmung wei an 1001 Nacht

Maroc Délices:

Daat ass Letzebuerg . . .



Lëtzebuerg aus der Siicht vun de Minettsdepp

Weider Infos fannt daer bei: www.**promoteluxembourg.com**

Doudesannoncen

Den LSH trauert em sein langjähregen Member den **Här Laurent Klein**



Germanistik an Geschicht (2003-2010)

Den Laurent verleist den LSH an desem Summersemester, no engem langen Openthalt zu Heidelberg. Den LSH behält den Laurent net nemmen als exzellenten Partymensch an Erennerung (hien huet sech op der Single Bells selwer en Denkmal gesaat) me och als exzellenten Goelkeeper vun eiser Fussballequipe. Jo Laurent, ouni deng Paraden, hätten mer als Equipe nie deen Stellenwärt kritt, deen mer elo hun.

Den LSH trauert em den **Här David Haeck**



Germanistik an Geschicht (2006-2010)

Och wann den David sein Studium op der Uni Letzebuerg ugefangen huet ass hien awer no sengem Wiessel op Heidelberg zu engem richtegen LSHer gewuess. Mam David verleiert eis Fussballequipe en sensationellen Stirmer; an wien erennert sech net un dei wonnerbar Goaler dei hien fir eis Farwen geschoss huet. Zudem wuar den David och op all Party derbei an huet soumat eppes wesentleches zum LSH-Liewen beigedroen.

Den LSH trauert em den **Här Dr. Luc Koster**



Übersetzungswissenschaften (2003-2010)

Mir haten schon firun zwee Joer geduecht eisen Luc fir emmer verluer ze hun, bis hien sech fir eng Promotioun entscheed huet. Och wann den Luc des öfteren weinst sengem Numm mam Rui Costa verwiesselt gouf, ass hien trotzdem op all Aktiviteit komm. Zudem huet hien nach en Erasmus Joer zu Barcelona verbruecht. Nirwenbei ass et him och nach gelongen, an all Heidelberger Discotheik en Hausverbuet ze hun.

EN GROUSSEN MERCI UN EIS SPONSOREN FIR HIR ENNERSTETZUNG

- Reklamm -

Depuis 1764 BOFFERDING

LIVE YOUR IDENTITY

LSH EVENTS TO COME

All Woch:

Densdes, ab 21h: **Stammdesch** bei guddem Wierder am Marstall-Haff bei schlechtem wei gewinnt am Reichsapfel (Untere Strasse)

Wichteg Datumer:

12.04.2010: Semesterufang
13.04.2010: 1. Stammdesch
28.04.2010: Bienvenue an der Cave
30.04.2010: Tanz in den Mai / Thingstätte
7-9.05.2010: Rees op München
15.06.2010: Hellenbachhütte
??.07.2010: 10 Joer LSH Feier
24.07.2010: Semesterenn

Weider Infos fenns du op www.lsh.lu, am Forum vun den Letzebuerger Studenten zu Heidelberg op Facebook an am Studivz, souwei an Form vun e-mail.

PERKEO INFO

Perkeo – D'Letzebuerger Studentenzeitung fir Freiheet, Gleichheet an Bridderlechkeet

Nummer 23 – Abrell 2010 (Mettwochs, den 28. Abrell 2010)

Erschengt eemol am Semester.
Oplaach: 50

Responsable Perkeo: Anne Tisleric (atisleric@hotmail.com)

Un deser Editoun hu matgeschafft: Matteo Amaodio, Françoise Droulans, Jessica Kreins, Max Pesch, Isabelle Raths, Ivan Ridolfi, Lynn Wagner...
E grousse Merci u sie all!

Fir Suggstiounen, Virschlei an Kritik sinn mer allen Zeit offen